1. **Wéi gesäit Är Partei d'Zukunft vum Handwierk hei zu Lëtzebuerg, am Bezuch op déi aktuell Entwécklung am Land ?**

D'Handwierk representéiert mat iwwer 100.000 Beschäftegten net nëmmen 20% vun den Aarbechtsplazen, ma dréit och zu engem groussen Deel zum Wuelstand vun eisem Land bäi. Den Know-how, d'Kreativitéit an d'Innovatioun vun deenen sëllegen Handwierkerinnen an Handwierker, souwuel am Privatsecteur ewéi am ëffentlechen Secteur, droen e groussen Deel zu eisem Succès als Land bäi. D'Handwierk ass de Motor vun eiser Entwécklung an e wichtegen Deel vun der Léisung, wann et drëms geet, déi grouss Defie vun eiser Zäit unzegoen. Dozou zielt besonnesch de Kampf géint de Klimawandel duerch déi energeetesch Transitioun.

An eisem Walprogramm proposéiere mir dofir eng Panoplie u Mesuren, fir d'Entwécklung vum Handwierk weider ze dynamiséieren an och geziilt z'ënnerstëtzen. Dat gëllt esouwuel fir d'Handwierksbetriber, ewéi awer och fir de Beruff vum Handwierk. D'DP gleeft un d'Handwierk an ass iwwerzeegt, dass d'Roll vum Handwierk fir eis Gesellschaft a Wirtschaft weider klamme wäert.

déi gréng

'Handwierk ass en immens wichtege Secteur mat Zukunft. Eis Ekonomie steet virun der grousser Erausfuerderung, klimaneutral a ressourceneffizient ze ginn. D'Gebaier, d'Hëtzen an d'Stroumversuergung spillen heibäi eng kruzial Roll. Fir fort ze komme vu fossillen Energien an d'Energieeffizienz ze steigeren, brauche mer e staarken Handwierkssecteur, dee genuch Personal an d'Moyenen huet, fir massiv Wäermepompelen, Solarpanneauen an Dämmungen z'installéieren. Mir wëllen dee Secteur dofir weider entwéckelen an d'Erausfuerderungen, wéi z.B. de Personalmangel, konsequent ugoen.

déi Lénk

D'Schwieregkeete vum Handwierk hei zu Lëtzebuerg si bekannt. Enger grousser struktureller Demande steet e Mangel u Fachaarbechter géigeniwwer. Dat ass eng Situatioun déi an anere Länner änlech, mee bei eis besonnesch ausgeprägt ass. D'Zukunft vum Handwierk steet oder fält deemno mat der Attraktivitéit vun de verschiddene Beruffer an den Aarbechtskonditiounen am Handwierk

Et ass gewosst dass d'Handwierk am Moment an enger schwiereger Situatioun ass, well et un Jonke feelt, déi een Handwierksberuff wëlle léieren a wëll et eng méi grouss Demande wéi Offer gëtt, wat d'Servicer vun den Handwierker ugeet.

Fir dass d'Handwierk an Zukunft erëm an der Gesellschaft als een honorabele Beruff wuer geholl gëtt, muss d'Ausbildung valoriséiert ginn. D'momentan Orientation par échec ass jo de genaue Géigendeel vun deem wat mir als Land brauchen. Fir dass d'Handwierk och weiderhin ee staarke Pilier vun eiser Wirtschaft ass, mussen dann och Weeër fonnt ginn, fir néi Leit an d'Handwierk ze kréien, sief dat Jonker oder manner Jonker. E puer Weeër wéi een dat ka maachen ziele mir an der nächster Fro op.

D'Handwierk ass fir Lëtzebuerg en absolut zentralen Deel vu senger Ekonomie. Et handelt sech em e Secteur dee vill an ëmmer méi héich qualifizéiert Aarbechtsplaze schaaft, déi och net liicht an d'Ausland ze transferéiere sinn. D'Handwierk ass och attraktiv doduerch, datt et vergläichsweis krisesécher ass a sech séier un nei Erausfuerderungen upasst. Duerch d'Leeschtung vum Handwierk an der Ausbildung vu jonke Leit begräife mir d'Handwierk net nëmmen als Deel vun der Ekonomie mee och als e wichtegen Deel vun der Educatioun. D'Handwierk ass fir Lëtzebuerg en absolut zentralen Deel vu senger Ekonomie. Et handelt sech em e Secteur dee vill an ëmmer méi héich qualifizéiert Aarbechtsplaze schaaft, déi och net liicht an d'Ausland ze transferéiere sinn. D'Handwierk ass och attraktiv doduerch, datt et vergläichsweis krisesécher ass a sech séier un nei Erausfuerderungen upasst. Duerch d'Leeschtung vum Handwierk an der Ausbildung vu jonke Leit begräife mir d'Handwierk net nëmmen als Deel vun der Ekonomie mee och als e wichtegen Deel vun der Educatioun.

D'Handwierk muss erëm méi Bedeitung kréien. D'CSV steet hannert dem Handwierk, wëll d'Handwierk förderen an aktiv ënnerstëtzen. Et ass wichteg, an Zukunft een nach méi staarkt Handwierk ze hunn. Dofir muss och gekuckt ginn, fir méi an d'Ausbildung vu jonken Handwierker ze investéieren. D'Handwierk muss ërem dee Stellewäert hei am Land kréien, deen et verdéngt. D'Handwierk ass de Motor vun der Lëtzebuerger Ekonomie.

2. **Generell besteet bei den Handwierker eng Penurie am Beräich vun de Léierbouwen/Meedercher, wat proposéiert Är Partei konkret fir dësem Mangel entgéintzewierken?**

D'DP wëll de Kanner scho fréi d'Passioun vum Handwierk méi no bréngen an si fir dëse beruffleche Wee begeeschteren. Mir wäerten dofir e Förderprogramm nom Virbild vum Programm *Kulturama* an der Grondschoul aféieren an domadder d'Handwierk an der Grondschoul systematesch thematiséieren. Esou wéi d'Enseignante bei dësem Programm kënne fir pedagogesch Projeten op Kënschtler zeréckgräifen, wäert d'DP dofir suergen, datt Grondschoulklasse kënnen am Kader vu Projete mat Handwierker a Verbindung kommen. D'Leit déi matmaachen, ginn dofir selbstverständlech bezuelt.

Donieft muss d'Beruffsausbildung permanent un d'Entwécklung ugepasst ginn, fir d'Formatioune fir déi Jonk interessant ze halen. Zesumme mat de Partner aus der *Formation professionnelle* ass et der DP an de leschte Jore gegléckt, vill nei Ausbildungen ze schafen, respektiv ze moderniséieren. Vun dëser Basis aus wäerte mir an der nächster Legislaturperiod dofir suergen, datt d'Beruffsausbildung weider den Entwécklunge vun der Gesellschaft a vun der Wirtschaft ugepasst gëtt. Virun allem an de Beräicher vun de grousse gesellschaftlechen Transitiounen : *Green Technologies*, *Industrie 3.0* an Digitaliséierung.

D'DP huet och scho virun der Pandemie e Projet lancéiert, fir de Schüler d'Méiglechkeet fir en Ofschloss am Secondaire mat uschléissendem Accès op eng Héichschoul ze bidden a gläichzäiteg eng Formatioun op DAP-Niveau ofzeschléissen. Mat der DP wäert dee Projet an der nächster Legislaturperiod weidergeféiert ginn. Déi entspriechend Matièrë wäerten op een zousätzlecht Ausbildungsjoer no der Première gestreckt ginn. D'Schüler wäerten amplaz vun Optiounscoursen am *Cycle supérieur* scho Modulle vun der Beruffsausbildung absolvéieren an d'DAP-Formatioun am Joer no der Première ofschléissen. Dat wäert d'Attraktivitéit vun der Beruffsausbildung erhéijen an esou dem Manktem vu Léierbouwen a -meedercher entgéintwierken.

Nëmmen eng besser Valoriséierung vum Beruff an der Gesellschaft, dréit der wichteger Aarbecht vun den Handwierkerinnen an Handwierker Rechnung, a kann mat dofir suergen, dass de Fachkräftemangel am Handwierk begéint ka ginn.

Fir de Personalmangel am Handwierk unzegoen, schaffe mir eng global Strategie aus mat klore Moossnamen.

Mir stäerken d'Ausbildung vun neien Handwierker:innen massiv mat enger Ausbildungsoffensiv. Dofir schafe mir eng "Luxembourg Energy Transition School", déi eng gutt Aus- a Weiderbildung a klimarelevante Beruffer ubitt.
Gläichzäiteg wäerte mer de Stellewäert vum Handwierk stäerken, andeems mir dofir suergen, dass Kanner a Jugendlecher an der Schoul scho fréi mat Handwierksberuffer a Kontakt kommen, an doduerch d'Orientéierung a Richtung vun engem Handwierksberuff förderen. Donieft schafe mer d'Méiglechkeet, nieft der Première och en Handwierksberuff kënnen ze léieren, a maachen

d’Handwierksausbildung domat méi attraktiv

déi Lénk

Déi jonk Leit musse nees fir d'Handwierk begeeschtert ginn an dat geet eiser Meenung no an éischter Linn iwwert d'Schafe vu beruffleche Perspektiven. Jonker déi sech kënne sécher sinn, datt se no enger qualitativ héichwäerteg Formatioun wäerten eng flott Plaz kréien mat engem gudde Salaire a gudden Aarbechtskonditiounen, entscheede sech méi einfach fir esou eng Karriär. Besonnesch d'Salairen an d'Aarbechtskonditiounen am Ufank vum Beruffsliewen musse méi attraktiv ginn.

PIRATEN

Fir dass erëm méi Jonker wëllen een Handwierk léiere muss d'Ausbildung grad wéi de Beruff erëm méi attraktiv ginn.

Mir Pirate wëllen de Jonke méi Zäit gi beim Choix vun der Ausbildung an dem Beruff. Fir eis muss eng Handwierksausbildung op allen Niveaue vum Lycée méiglech sinn.
Dofir wëlle mir ee System opbauen, dee grad ewéi a der Infirmièresschoul et de Schüler:innen erméiglecht, fir eng Première ze maachen an gläichzäiteg eng Handwierksausbildung (BAC DAP). Dofir brauch et ee Modulsystem, deen et de Schüler:innen och erméiglecht, fir d'Handwierk esou fréi wéi méiglech fir sech z'entdécken. Hei sollen och Stagë wéi an der Beruffsschoul méiglech sinn, wou d'Schüler eng gewëssen Zäit an d'Schoul ginn an eng gewëssen Zäit kënne Betriber erfuerchen.

Fir de Beruff erëm méi attraktiv ze maache wëlle mir Piraten eis generell fir eng Flexibiliséierung vun der Aarbecht staark maachen.
Dofir wëlle mir eis asetze fir méi flexibel Aarbechtszäiten an do wou et méiglech ass. Eng Flexibiliséierung iwwert 1 Joer soll méiglech sinn. Dat heescht dass een d'Méiglechkeet gëtt, dass d'Salariéeën net all Woch op 40h musse kommen, dat wat zielt ass, dass een um Enn vum Joer am Schnëtt 40h zesummen huet. Dëst ënnert der scho bestoender Grenz vu maximal 48h Stonnen a mat enger fester Paie all Mount.

Mir ënnerstëtzen och Cadres mobiles, déi engem erlaben, Moies méi fréi un ze fänken oder Owes méi spéit ze schaffen a wou een Aarbechter/ eng Aarbechterin mam Patron kuckt, wéi eng Stonnen ee muss do sinn.
Mir vergiessen och net déi Leit, déi net kënne vun doheem aus schaffen, an hinne wëlle mir d'Kliometerpauchal eropsetzen. Och si musse weiderhi Loscht hunn an d'Land, virun allem de verkéiersiwwerlaaschte Süden an Zentrum, schaffen ze kommen.

Och muss Lëtzebuerg ufänken d'Groussregioun als Chance wouer ze huelen, wou net nëmme qualifizéiert Leit aus dem Ausland heihi kommen, mee wou d'Betriber grenziwwerschreidend kënnen (zesumme) schaffen. Hei kann ee Ressourcen zesumme leën fir z.B. Formatiounen an d'Léierpläng homogeniséieren.

Eng Beruffsausbildung gëllt bei ville Schüler an Elteren als net besonnesch attraktiv. Fir deem entgéint ze wierken, proposéiert d'ADR eng positiv Orientéierung fir interesséiert Jonker a Richtung Handwierk amplaz där aktueller "orientation par l'échec". An deem Zesummenhang kënne mir eis och eng méi streng a falls néideg verlängert (dual) Beruffsausbildung virstellen, falls dëst dem klore Wonsch vum Terrain entsprécht.

Nieft der mangelnder Attraktivitéit droen och en ze vill exklusive Fokus op déi akademesch Ausbildung an d'Angscht virun der sozialer Onsécherheet dozou bäi, datt sech relativ wéineg Leit fir handwierklech Karriär entscheeden. De Problem vum Image an den ze vill eesäitege Fokus op Akademiker si Probleemer, déi just duerch eng besser Presentatioun an de Schoule kënne geléist ginn.

D'Handwierks- an Handelskummer hunn 2022 eng Rei Propose virgeluecht, fir d'Independante besser sozial ofzesécheren. D'ADR ënnerstëtzt all dës Proposen, souwäit d'Beruffsfräiheet respektéiert gëtt.

De Beruff vum Handwierk soll erëm méi attraktiv gestallt ginn. Dofir wäerte mir grouss ugeluechte Promotiounscampagnen lancéieren. D'Grondschüler sollen an Zukunft scho fréizäiteg fir handwierklech Beruffer sensibiliséiert ginn. Bei der neier Schülerorientéierung solle flächendeckend „Talent-Tests" duerchgefouert ginn. An de Grondschoule gi Wëssens- a Reparaturatelieren agefouert. Stagë sollen Deel vun der Orientéierung ginn – och am klassesche Sekundärunterrecht. D'Ausbildunge solle geografesch sou ugebuede ginn, dass se fir all Awunner aus dem Land erreechbar sinn. D'CSV wëll an dësem Beräich nei Perspektiven opweisen. Et wäert gepréift ginn, fir am Secondaire e sougenannten duebelen Ofschloss (BAC/DAP) anzeféieren an de Schüler sou d'Méiglechkeet ze ginn, eng Héichschoulausbildung ze maachen.

3. Wéi gesitt dir de Stellewäert vum Handwierk hei zu Lëtzebuerg?

Fir d'DP huet d'Handwierk e grousse Stellewäert zu Lëtzebuerg. Fir eis steet d'Handwierk gläichzäiteg fir Traditioun a Fortschrëtt. D'Handwierkstechnike ginn dacks iwwer Generatioune weiderginn a sinn déif an eise kulturellen a gesellschaftlechen Traditioune verwuerzelt. Duerch d'Verknäppe vum traditionelle *Savoir-faire* mat neien Technologien, liwwert d'Handwierk e grousse Bäitrag fir d'Weiderentwécklung vun eisem Land virunzedreiwen. Eng besonnesche Roll wäert d'Handwierk och an der Energietransitioun spillen - ouni déi vill kompetent Handwierkerinnen an Handwierker wäerten nämlech z.B. Photovoltaikanlagen oder Solarpanelen, déi gebraucht ginn, net opgeriicht kënnen ginn.

De Beruff vum Handwierker bzw. der Handwierkerin ass en immens wichtegen, deeleider net ëmmer déi Wäertschätzung kritt déi e verdéngt. Dëst geet schonn un an der Formatioun, wou d'Léiere vun engem Handwierksberuff oft als manner gutt ugesi gëtt wéi eng universitär Ausbildung. Mat dëse Clichéë wëlle mir briechen an de Stellewäert vum Handwierk däitlech verbesseren.

déi Lénk

Handwierk huet am Moment zu Lëtzebuerg leider net dee Stellewäert, deen et verdéngt. Dat léit och dorunner, datt fir déi manner spezialiséiert Aarbechten iwwer Joerzéngten op eng bëlleg main d'oeuvre aus dem Ausland zréck gegraff gouf an d'Ausbildung am Land vernoléissegt gouf. Elo wou et ëmmer méi schwéier gëtt, Leit am Ausland ze rekrutéieren, gerode mir an eng strukturell Penurie. Do ass en Ëmdenke néideg, besonnesch bei de Betriber, mee och bei der Politik.

PIRATEN

Fir eis Piraten ass d'Handwierk een essentielt Standbee vun eiser Wirtschaft. Mir wëllen als Partei grad déi Servicer förderen déi no bei de Bierger sinn an dat ass d'Handwierk.

Mir sinn eis natierlech bewosst, dass d'Gesellschaft am Allgemengen erëm méi muss vun der Valeur vum Handwierk iwwerzeegt ginn. Mir brauchen am Land net nëmme Bänker. Mee déi Leit mussen hei och genuch verdénge fir ze liewen. Mir Pirate wëllen eis dofir asetzen, dass eis d'Land d'Logementskris endlech an de Grëff kritt. An d'Gesellschaft erëm all d'Beruffer valoriséiert, an net nëmmen d'Unisdiplomer. Well och als Handwierker kann een sech selwer verwierklechen an et soll ee gutt Liewen zu Lëtzebuerg féiere kënne

E qualifizéiert, breet opgestallt Handwierk ass fir Stéit, Betriber an de Staat onverzichtbar. Aktuell steet eis Handwierk opgrond vun de laangen Onsécherheeten duerch d'COVID-Moossnamen, laangen administrative Weeër, ëmmer méi gréng-ideologeschem Dirigismus, der allgemenger Präisdeierecht, besonnesch awer bei der Energie an den Terrainen, engem onflexibele Congésregimm an engem ëmmer méi staarke Mangel u qualifizéiertem Nowuess virun enormem Erausfuerderungen, déi nëmmen duerch courageiert Reforme kënne geléist ginn.

D'Handwierk iwwerhëlt nieft de villen Déngschtleeschtunge fir déi mir alleguer dankbar sinn, och eng grouss sozial Verantwortung bei der Ausbildung vun eise jonke Leit. Duerfir verdéngen si Respekt an Unerkennung. Um Niveau vum Staat (an deelweis Gemengen) gehéiert dozou och d'Ënnerstëtzung vun Imagekampagnen, gutt Aarbechtskonditioune vum technesche Personal an och méi kleng awer wichteg Gesten, wéi zum Beispill, datt Rechnungen u Privatbetriber esou séier wéi méiglech bezuelt ginn. Mir mussen och oppassen, datt d'Handwierk keng konkurrenziell Nodeeler géintiwwer de Betriber aus der Groussregioun huet.

Allgemeng gesi misst de Stellewäert vum Handwierk hei am Land vill méi héich sinn. Fir dat ze änneren, wäert d'CSV an de nächste Jore konkret Mesurë lancéieren.

4. Wat géif Är Partei vu Mesuren virschloen, fir nees méi Leit an d'Handwierk ze kréien?

D'DP setzt op d'Upassung vun der Beruffsausbildung (Cf. Äntwert 2), awer och d'Sensibiliséierung an d'Promotioun vum Handwierksberuff sinn immens wichteg, fir de Stellewäert vum Handwierk an der Gesellschaft ze verbesseren. Promotiounsinitiativen fir de Beruff ewéi déi vum Mëttelstandsministère mam jonken Handwierk an d'Initiativ « Hallo Handwierk » vum Skript mat der Handwierkskummer wäert d'DP weider staark ënnerstëtzen an virundreiwen.

Mir wäerten awer och jonk Handwierkerinnen an Handwierker ënnerstëtzen, fir Fouss ze faassen, wann si en eegene Betrib wëlle grënnen, z.B. bei der Sich no abordabelen an gëeegenten Terrainen, fir sech nidderzeloossen. D'DP wëll dofir en *Handwierkshaff* schafen, wou Handwierksbetriber kënnen a multifunktionalen Halen zesummeschaffen, fir vun de Synergien ze profitéieren. Och déi vum DP-gefouerten Mëttelstandsministère nei en place gesaten finanziell Hëllef fir Eischtgrënner wäert jonken Handwierkerinnen an Handwierker de Schrëtt an d'Selbststännegkeet méi einfach maachen.

Nieft de scho genannten Moossnamen fir d'Orientéierung a Richtung vum Handwierkan d'Ausbildung selwer ze verbesseren (cf. Fro 2), fërdere mir och d'Grënnung vun neien Handwierkerbetriber, andeems mir jonke Betribsgrënner déi néidegInfrastruktur zur Verfügung stellen am Kader vun neien "Handwierkerhäff" an andeems mir allgemeng Prozeduren digitaliséieren a vereinfachen. Donieft

Wéi ugeschwat mussen déi Beruffer opgewäert ginn an dat ass virun allem eng Fro vum Salaire. Eng wäertvoll Aarbecht muss och deementspriechend remuneréiert ginn an dofir plädéiere mir generell fir eng strukturell Erhéijung vum Mindestloun ëm 300 Euro an och fir eng Opwäertung vun de manuelle Beruffer innerhalb vun der fonction publique. Donieft proposéiere mir och eng strukturell Aarbechtszäitverkierzung, déi soll progressiv ëmgesat ginn, an déi d'Attraktivitéit vun deene Beruffer kann entscheedend verbesseren, besonnesch och a Bezuch op d'Vereenbarkeet vum Beruff mam Familljeliewen. D'Qualitéit vun der Ausbildung ass natierlech och en zentraalt Thema.

Dës Fro gëtt an der Fro 2 beäntwert.
D'Pirate wëllen de klenge Betriber weider hëllefen andeems mir d'Indexéierung vu Loyere verbidde wëllen. Mir hunn 2022 eng deementspriechend Gesetzespropos deposéiert (N° 8008). Donieft wëlle mir och dass jonk Betriber déi éischt zwee Joer vun der Minimalbesteierung ausgeholl ginn. Dat géif deenen hëllefen, déi grad eréischt ufänke mat hirem Betrib.

Dës Fro gëtt ënnert der Fro 2 beäntwert

Wéi schonn uewen ugedeit, soll de Beruff erëm méi attraktiv gemaach ginn. Dat mat geziilte Campagnen. Wann d'Handwierk mat eise Mesuren erëm dee Stellewäert kritt, deen et verdéngt, wäert et och automatesch méi Leit unzéien.